N° 3816
Entrée le 21.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n 3816 vum 19. Mäerz 2026 vum Här Deputéierte Michel Lemaire.

*Fro 1: Gouf am Verkéiersministère eng Analys duerchgefouert, wéi eng Konsequenzen déi uewe genannte Spärung op d'Automobiliste wäert hunn, besonnesch wat den zousätzlechen Zäitverloscht ugeet? Wa jo, mat wéi engem Zäitverloscht mussen d'Automobilisten elo rechnen, besonnesch Owes am Beruffstraffic?*

Opgrond vun Erfarungen duerch rezent Chantieren an duerch reegelméisseg Verkéierszielungen op dëser Streck ass virauszegesinn, dass d’Späre vun der Iwwerhuelspuer net zu engem grousse Réckstau fir de Verkéier, deen aus dem Süden a Richtung Norde fiert, féiere wäert. D’Iwwerhuelspuer gëtt och net komplett, mee nëmmen zum Deel gespaart. Et ass dowéinst och net virgesinn, dass bei esou enger Mesure eng Analys, wéi se an der Fro mentionéiert gëtt, duerchgefouert muss ginn, weder vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten (deen och genee esou heescht, an net “Verkéiersministère“), nach vun der Stroossebauverwaltung.

D’Reduktioun vun de Spueren an d’Limitatioun vun der Vitess op 70 Kilometer an der Stonn stelle Sécherheetsmoossnamen duer, déi souwuel dem/der Automobilist*in wéi och den Aarbechter*innen um Chantier Schutz bidden. Déi gespaarte Bunn gëtt fir den Transport vu Material a Maschinnen agesat, wat den Entreprisen eng sécher Zougangssituatioun erméiglecht.

Effektiv kann et moies am Beruffsverkéier zu Zéifloss virun Housen an Direktioun Süde kommen. Dëst ass awer eng bestoend Situatioun, onofhängeg vun der Iwwerhuelspuer, wat och ee vun de Grënn ass, firwat d’Ëmgeeungsstrooss vun House realiséiert gëtt. D’Späre vun der Iwwerhuelspuer wäert dës onglécklech Situatioun am Beruffsverkéier net weider verschlechteren.

Et ass drop hinzeweisen, dass d’Stroossebauverwaltung generell an och bei den aktuellen Aarbechten op der N7 alles drusetzt, fir de Verkéier och wärend de verschiddene Chantiersphasen bidirektional oprecht ze erhalen. D‘Aarbechte ginn also ouni Deviatioune respektiv roude Luuchten ausgefouert. Dat ass äusserst positiv, wann ee bedenkt, dass de Chantier iwwert eng länger Zäit geet.

Vereenzelt Vollspärunge sinn natierlech bei engem Chantier vun dëser Gréisst net ze vermeiden, mee och da gëtt probéiert, méiglechst wärend de Weekender oder an de Schoulvakanzen ze schaffen.

*Fro 2: Firwat koum et net zu enger Koordinatioun, déi dozou gefouert hätt, datt déi zwee uewe genannte Chantieren net parallel zouenee bestinn?*

Et konnt am Fall vun de genannte Chantieren net zu enger Koordinatioun kommen, well dës ganz verschidden Aarbechte sinn, déi op zwou verschiddene Plazen am Land stattfannen.

Wei schonn an diverse parlamentaresche Froen a Pressecommuniquéë matgedeelt handelt et sech bei den Aschränkungen an den zwee Tunnellen op der A7 tëscht Luerenzweiler an der Stad ëm Preventivmesuren, déi wéinst enger Anomalie, déi net viraus ze gesi war, en place gesat goufen, fir ënnert anerem d'Sécherheet vun den Automobilisten*innen ze garantéieren a sou och d'Tunnelle fir de Verkéier op kënnen ze loossen.

Bei den Aschränkungen op der N7 zu Housen handelt et sech ëm Aarbechte wéinst dem Bau vun enger Wëldbréck.

*Fro 3: Huet d'Regierung iergendwelch Alternativen an d'A gefaasst, fir de massiven Zäitverloscht, mat deem d'Automobilisten, déi all Dag op d'Nordstrooss ugewise sinn, konfrontéiert sinn, ofzefiederen?*

Am Kader vun deenen zwee genannte grousse Chantieren, déi ënnert lafendem Verkéier an op engem staark belaaschte Stroossennetz realiséiert ginn, gëtt ee bedeitenden Effort gemaach, fir d'Auswierkungen op de Verkéier sou kleng wéi méiglech ze halen. Dofir gëtt een immense logisteschen Opwand bei der Planung, den Deviatiounen an der interner Organisatioun vun de Chantiere bedriwwen.

Den Ëmbau vun der N7 (Securisatioun) an d'Ëmgeeungsstrooss vun Housen hunn eng grouss Bedeitung fir de Verkéier am Norde vum Land a fir d'Awunner*innen an der Ëmgéigend. Dës Projeten droen dozou bäi, d'Sécherheet op der ganzer Streck ze verbesseren an de Verkéier op laang Dauer ze optimiséieren. Zil ass et, dem/der Automobilist*in eng modern, performant a sécher Infrastruktur unzebidden.

Lëtzebuerg, den 21. Abrëll 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s). Yuriko Backes